

JOS PLETSCHET & FRIENDS



Jos Pletschet: voice, acoustic guitar, banjo, fiddle

Phony Philippe: voice, harp, acoustic guitar

Werner Trausmuth: bass guitar

Jos Pletschet & Friends präsentéieren e Concert ënnert dem Motto: „Acoustic Folk Music Evening“. E Mix aus Lidder op lëtzeburesch an op englesch, déi si zum gréissten Deel selwer geschriwwen hunn. Do dernieft steet awer och mol den een oder aneren „Classic Country Song“ um Programm. Wärend ville Joren hunn de Jos Pletschet an den Phony Philippe a verschiddene Country Music Bands gespilt a bréngen eng laangjäreg Erfahrung mat. Als neie Member mat derbäi, de Werner Trausmuth. Hien huet sech eiser Band ugeschloss, nodeems hien wärend 8 Joer bei der lëtzebuerger Band „Schëppe Siwen“ als Bassist gespilt huet. De Genre vun hirer Musek läit haaptsächlech am Country-Folk, Bluegrass, Old -Time, Cajun, Irish-Beräich.

Am Joer 2022 haten si e groussen Succès mam Lidd „Den éischte Mee“ a sinn an der Rockhal opgetrueden. Am Summer 2024 hunn si nees zougesechloen mat hirem Summerhit „Dat schéinste Girl aus dem Minett“. Dëse Video huet méttlerweil iwwer 57000 Views op FB. Si invitieren de Publikum op eng villsäiteg musikalesch Rees.

Dauer : 2 x 50 Min.

Jeudi 13 février 2025 à 20 h 00

Entrée 15 €

Réservations par courriel : info@konschtmillen.lu